En particulier, les candidats devraient également encourager les jeunes à participer à la recherche d'idées et à la mise en oeuvre.

Taux de soutien: 100% des coûts admissibles du projet à un max. de 3.000 € de coûts totaux du projet. Les heures de projet des bénévoles ne sont pas admissibles au cofinancement.

La durée des micro-projets est d'au plus un an à compter de la date d'approbation.

**Date limite de dépôt: 15 septembre 2018**

La décision concernant l'acceptation du projet se fera dans un délai de 2 mois à compter de la date limite de dépôt.


Prochain appel en novembre 2018 (2 appels par année sur 3 ans).

**Pour plus d'informations ou en cas de questions, veuillez contacter le bureau LEADER à Redange:**

Bureau LEADER Atert-Wark  
34, Grand-Rue  
L-8510 Redange  
T +352 23 62 24 90  
aw@leader.lu  
www.aw.leader.lu

Tous les **documents pertinents pour la soumission d'une demande** sont disponibles sur le site Web du groupe LEADER Atert-Wark.

**Bonne chance en cas de candidature et dans l'attente de nombreuses belles idées de projets!!**



## KOOPERATIV VUN DER ATERT

FIR ENG ONOFHÄNGEG, FAIR & TRANSPARENT LIEWENSMËTTELVERSUERUNG

# ABOBOX - FLEESCH VUN DER ATERT

D'solidaresch Abobox mat Fleesch aus dem Réidener Kanton.



**VUN DER ATERT S.C.**

Vun der Atert s.c.  
6, Jos Seylerstrooss  
L-8522 Biekerech  
T +352 671 23 62 43  
vunderatert@gmail.com  
www.vunderatert.lu



An der Kooperativ Vun der Atert schaffe mir mat eise Baueren aus der Region. Mir kennen hire Betrib, mir kennen de Bauer/in. Mir wäertschätzen déi propper a naturno Aarbecht, hir Produkter an d'Manéier, wéi mam Déier ëmgaange gëtt. Zerschnidden, verpaakt (sous-vide) an etiketiert gëtt d'Fleesch vun eisem regionale Metzlermeeschter Mathieu vu Réiden, wou Dir är Aboboxe kënnt ofhuelen. Mir starten am Hierscht 2018 mat 5 Baueren, a freeën eis iwwert all Neizougang.

Proposéiert ginn 3 verschidden Zorten Aboboxen & Pouleten, déi Dir 4x am Joer kréie kënnt, dat zu bestëmmten Deeg, déi Dir matgedeelt kritt. D'Perioden vun der Distributioun:

1. 8. Dezember
2. 16. Mäerz
3. 8. Juni
4. 21. September


### Firwat solidaresch Abobox?

Eise Client geet mam Bauer e solidarescht Engagement an ...

- > fir de Risiko mat him ze deelen, andeems hien seng Abobox am viraus bezillt.
- > fir d'Iddi vun der solidarischer Landwirtschaft z'ënnerstëtzen (Charta „Vun der Atert“).
- > fir een gudden Zweck, andeems een seng Abobox spend, wann een verhënnert ass (Cent Buttek Réiden, Foyer Felix Schroeder, ...).



## EIS ABOBOXEN „VUN DER ATERT“



1

### Béischt „Vun der Atert“


Abobox +/- 6 kg  
**20,60 €/kg ttc**

Mix vu Steak, Filet, Entrecôte, Faux-filet, Rumsteak, Burger, Ragout, Geschnätzelt, Kachfleisch mat an ouni Schank, Brot, Rouladen, Wäinzoossiss, Gehacktes, Mettwurst, ...

**Patrick François**  
Bio: Schwäin

**Famill Linden-Wirth**  
Bio: Blonde d'Aquitaine - Jongrand

**Famill Goedert-Disiviscour**  
Bio: Angus + Fleckvéi



2

### Guss „Vun der Atert“

Abobox +/- 5 kg  
**13,20 €/kg ttc**  
(vum Biobauer)  
**10,70 €/kg ttc**  
(Marque Nationale)

Mix vu Kotletten, Schnitzel, Brot, Ragout, Réppercher, Geschnätzelt, Brotwurst, Mettwurst, gepresste Cordon Bleu, Wuppen, Gehacktes, ...

**Georges Weis**  
Bio: Schwäin

**Famill Goedert-Disiviscour**  
Bio: Schwäin

**Claude Loutsch**  
Marque Nationale: Schwäin




3

### Poulet „Vun der Atert“

**10 €/kg ttc**

De Poulet ka bei all Abobox separat derbäi bestallt ginn.

**Georges Weis**  
Poulet vum Biobauer



4

### Trio „Vun der Atert“

Abobox +/- 11 kg  
**15,65 €/kg ttc**  
(Rënd 5 kg vum Biobauer / Schwäin 5 kg Marque Nationale)  
**16,90 €/kg ttc**  
(Rënd 5 kg vum Biobauer / Schwäin 5 kg vum Biobauer)  
**10 €/kg ttc**  
(Poulet vum Biobauer)

**Georges Weis**  
Bio: Schwäin a Poulet

**Famill Goedert-Disiviscour**  
Bio: Angus + Fleckvéi / Schwäin

**Claude Loutsch**  
Marque Nationale: Schwäin

**Patrick François**  
Bio: Schwäin

**Famill Linden-Wirth**  
Bio: Blonde d'Aquitaine - Jongrand

### Um Vertrag féllt Dir aus:

- > wéi eng Abobox Dir wëllt,
- > wéi vill Aboboxen Dir wëllt,
- > wéi eng Period/en Iech interesséieren,
- > a vu wéi engem Bauer Dir d'Fleesch huet.

Wuel schléisst Dir de Vertrag mam Bauer ärer Wiel of, d'Kooprativ Vun der Atert ass ewer ären Usprichpartner an iwwehëlt déi organisatoresch an administrativ Aarbecht.

### Wéi kréien ech meng Abobox?

[www.vunderatert.lu](http://www.vunderatert.lu)

Um Site vun der Atert kënt Dir Iech e Vertrag eroflueden, ausféllen an zrückschécken. Mir huelen da Kontakt mat Iech op.




## EIS BAUEREN AUS DER REGION



### HAFF CLAUDE LOUTSCH VUN HUEWEL

Zuucht a Maaschtbetrib  
vu Schwäin  
Label: Marque Nationale Bester  
Ferkelerzeuger Convis Pig  
Awards 2013-2017


Jo, ech gi gären zou: ech sinn houfreg op meng Auszeechnungen. Se erënnere mech all Dag drun, wéi vill Aarbecht, Schweess an Zäit et kascht fir dësen Niveau z'erreechen an ze halen. A nee, ech hu kee Biobetrib, sinn awer a menger Aarbechtsmanéier oft no drun. Ech brénge gewëssen Opfer fir dass et mengen Déiere richteg gutt geet. Meng Mammesei leien op Stréi, hu gutt Plaz a ville sech sauwuel. Mäi Fudder kréien ech vu Versis, wat gréisstendeels aus Kären aus der Groussregion besteet mat engem minimale Prozentsaz Soja. Meng Schwäin danken et mir mat top Leeschtungen. Selbstverständlech ginn et vill haart Diskussiounen iwwer d'Produktioun bis hin zu der Method, wéi d'Schwäin an enger konventioneller Mäschtereie gehale ginn. Ewer just nit dann, wann een un der Théik beim Metzler seng Ham, Zoossiss, Lyoner oder Kotlett keeft. Do stellen sech déi mannste Leit d'Fro firwat een tëscht 6-42 €/kg bezilt, a firwat de Bauer oft manner wéi 1,40 €/kg kritt. Do ass et evident, dat een sech als Bauer freet, op et dee ganzen Opwand wäert ass? Ech sinn iwweezeegt, dat d'Landwirtschaft hei zu Lëtzebuerg upassungsfäeg ass, an dem Wunsch vum Konsument kann nokommen. Awer och nëmme dann, wa gewësse Sécherheete gi sinn. Do schwätzen ech nit vu weidere Subside mä vum Konsument senger Wäertschätzung & Bedeelegung un der Produktioun.



### HAFF PATRICK FRANÇOIS VUN HUESCHTERT

Béischten: Limousin -  
Label: Bio Lëtzebuerg

Meng Béischte wuessen an engem oppene Stall op mat direktem Accés op d'Weed. Hiert d'Wuelbefannen ass mir immens wichteg. Zum Beispill loossen ech d'Källefcher bei hirer Mamm. Ech hunn hinnen eng extra „Crèche“ ageriicht mat engem Duerchgang wou nëmme si duerchpassen. Sou kënnen se sech zu jiddwer Zäit zrëckzéien. Ech produzieren och hiert Fudder selwer: Silo, Hee a gemuele Kären. Ech hu 67 Hektar, dovun 23 Ha Akerland an de Rescht Wisen. Well mir éiweg mat schlechtem Wieder geplot sinn, hunn ech mir selwer eng Belüftungsanlag gebaut fir d'Ronnballen Hee besser kennen ze stockéieren. Dann hunn ech och eng Installatioun, déi et mir erlaabt fir d'Kären ze dréchen. Esou hunn ech eng besser Qualitéit vum Fudder.



### HAFF LINDEN-WIRTH VU RÄICHEL

Fleesch vum Jongrand  
(Blonde d'Aquitaine)  
Label: Bio Lëtzebuerg / Biomaufel

#### Un der Atert no beim Waasser ...


Am Summer stinn eis Béischten op fruchtbare Wise laanscht d'Atert, matzen an engem wonnerschéine Waasserschutzgebitt (Natura 2000). Esou droen se zum Schutz vu Mënsch an Ëmwelt bäi, d'Rou an d'Erhuelsamkeet vum Site strale bis op d'Endprodukt duerch.

#### Nohaltig ...

Gefiddert ginn eis Béischten am Wanter mat Silo an Hee vun de Weeden, esou wéi och mat Feldfudder, wat mir fir eng gesond Fruchtfolleg op eisem Aker ubauen. Zesumme mat der Mësch vum eisen Déiere mécht d'Feldfudder de Buedem prett fir den Ubau vun héichwärtigem Weess a Spelz. Sou ass de Kreeslaf zou, an eis Déieren hëllef Käre fir de mënschleche Verbrauch ze produzieren, a si keng Konkurrenz zu de Kären. Fir d'Hee ass eng extra Dréchenanlag op Basis vun enger Scheitholzheizung ugeschaaft ginn, wou mir d'Holzreschter aus dem Bësch a vun de Weiden an Ellere laanscht d'Atert notzen.

#### Gesond ...

Eis Béischten vun der Rass Blonde d'Aquitaine hu ganz feinfaserigt, fettaarmt Fleesch, wat gutt säftig & zaart ass. Eist Qualitéit-shee aus der Dréchenanlag erlaabt et, kee Kraaftfudder anzesetzen, an deemno op den Asaz vu Kären ze verzichten. Donieft férdert et en tendenziell bessert Verhältnis tëschent Omega 3 zu Omega 6 Fettsäieren.





## HAFF GOEDERT- DISIVISCOUR VUN OSPER

Schwäin, Angus & Fleckvéi  
Label: Bio Lëtzebuerg / Biomaufel

Ech ka mech nach erënnere wéi mäi Papp mam Strigel gefuer ass. Wéi d'Spréztmëttel opkomm sinn, hu se all gemengt: dat do ass eng fein Saach, elo sprézte mer e puer Joer an da kennt ni méi Onkraut. De Géigendeel ass geschitt: Onkraut vergeet net! Am Biolandbau schwätze mer vu "Beikraut" am plaz vun "Onkraut" well all Planz huet hier Berechtigung! D'Konscht ass just se a vertriebbarer Mooss zur Kulturplanz ze halen, also dass se notzt ouni ze schueden. Wéi meng Fra d'Mireille an ech de Bauerenhaff iwweholl hunn, wollte mir op kee Fall mat Sprézten ufänken! Dofir hu mir eis dunn och an de 90er den éischte Label Haff matgegrënnt. Och eis Déiere kréie just eist eege Fudder oder mir kafen vun aanere Biobauere bäi. Mir hunn nieft Angus & Fleckvéi, Zuuchtsei & Schwäin. Mir sinn och ganz houfreg, dat eise Bouf Tom eisen Haff an dem Sënn viruféiert. Lues a lues fuere mir awer mat der Déierenhaltung zréck, a konzentréieren eis méi op d'Produktioun vun Leindotter- a Mariendistelenueleg. Nei am Programm: Ueleg aus wäisse Moschterkären!



## HAFF GEORGES WEIS VU RUED

Schwäin & Poulet'en  
Label: Biomaufel / Eu Bio

Eise Biobetrieb läit zu Rued an der Gemeng Ell. Mir bedreiwen Akerbau, Schwängszucht a Schwängsmaascht, esou ewéi och eng kleng Produktioun vu Pouleten.

Scho viru Joren, ier de ganzen Hype ronderëm Bio opkoum, hunn mär eisen Betrieb naturno ëmgestalt. Mäi Papp an ech hu schon deemools nit agesinn, firwat ee Kulturen düngen muss, fir dann uschléissend nees déi nokommend Onkraider mat Chimie ze liquidéieren, an dat Ganzt fir am Endeffekt Produkter ze proposéieren, déi souwisou an Iwwermooss um Marché bestinn, an dat zu lächerleche Präisser, wou ee souwisou nit mathale kann. T'ass a wor en Däiwelskrees ouni Enn. Mir woren och nit eleng déi esou geduecht hunn, a sou koum et virun 30 Joer zum éischte Qualitätslabel, dee mir zu e puer gegrënnt haten: Naturfleisch vum Bauerenhaff (Haff) fir Véi hei aus dem Land. Uschléissend wor ech dann och Grënnungsmember vum Label Véi vum Séi, fir da schlussendlech bei der Biolandwirtschaft unzekommen.

Eise Betrieb verfiddert gréisstendeels Kären aus Eegeproduktioun. D'Haltungsbedingungen vun eisen Déieren um Betrieb entsprechen de Biorichtlinnen, wëll heeschen, dat se op Stréi gehale ginn a vun Auslaafméiglechkeete profitéieren.



## EISE METZLER VUN DER ATERT

Iwwer 100 Joer gött et e schonn, de Familjebetrieb Mathieu aus der Groussgaass zu Réiden!

De Metzlermeeschter Marc Mathieu ass nach deen eenzegen, deen hei an der Region aktiv ass an engagéiert, wann et drëm geet fir eis Region no vir ze bréngen, ganz nom Motto „L'Union fait la Force“.

De Marc Mathieu ass President vum Ettelbrécker Schluechthaus a Caisier vun der Fédération Nationale des Patrons Bouchers-Charcutiers du Grand-Duché de Luxembourg. Och do ass säin Aufgabeberäich breetgefächert. Hien ass zoustännegfir d'Ausbildung vun de Léierbouwen, fir d'Gesellen- a Meeschterprüfung, an e.a fir d'Formation Continue an dem Secteur. Aktuell huet hie bei sech am Betrib 7 Leit agestellt an huet nieft der Metzlerie e Partyservice an e Menu du Jour deen heem geliwert gött.

Marc Mathieu



[www.boucherie-partyservice.com](http://www.boucherie-partyservice.com)

# JO ECH WËLL FLEESCH VUN DER ATERT

Meng Réservatioun Abobox(en)

Madame / Monsieur

Adresse

Tél domicile/portable

E-mail

Wielt är Abobox(en)



## Béischt „Vun der Atert“

Abobox +/- 6 kg  
**20,60 €/kg<sup>ttc</sup>**

Mix vu Steak, Filet, Entrecôte, Faux-filet, Rumsteak, Burger, Ragout, Geschnëtztes, Kachfleisch mat an ouni Schank, Brot, Rouladen, Wainzoossiss, Gehacktes, Mettwurst, ...

- Patrick François**  
Bio: Schwäin
- Famill Linden-Wirth**  
Bio: Blonde d'Aquitaine - Jongrand
- Famill Goedert-Disiviscour**  
Bio: Angus + Fleckvéi
- egal**

Période  8. Dezember 2018  
 16. Mäerz  
 8. Juni  
 21. September

Quantitéiten \_\_\_\_\_ Colis



## Guss „Vun der Atert“

Abobox +/- 5 kg  
**13,20 €/kg<sup>ttc</sup>** (vum Biobauer)  
**10,70 €/kg<sup>ttc</sup>** (Marque Nationale)

Mix vu Kotletten, Schnitzel, Brot, Ragout, Réppercher, Geschnëtztes, Brotwurst, Mettwurst, gepresste Cordon Bleu, Wuppen, Gehacktes, ...

- Georges Weis**  
Bio: Schwäin
- Famill Goedert-Disiviscour**  
Bio: Schwäin
- Claude Loutsch**  
Marque Nationale: Schwäin
- egal**

Période  8. Dezember 2018  
 16. Mäerz  
 8. Juni  
 21. September

Quantitéiten \_\_\_\_\_ Colis



## Poulet „Vun der Atert“

**10 €/kg<sup>ttc</sup>**

De Poulet ka bei all Abobox  
separat derbäi bestallt ginn.

- Georges Weis**  
Poulet vum Biobauer

Période  8. Dezember 2018  
 16. Mäerz  
 8. Juni  
 21. September

Quantitéiten \_\_\_\_\_ Poulet(en)



## Trio „Vun der Atert“

Abobox +/- 11 kg  
**15,65 €/kg<sup>ttc</sup>** (Rënd 5 kg vum  
Biobauer / Schwäin 5 kg Marque  
Nationale)

**16,90 €/kg<sup>ttc</sup>** (Rënd 5 kg vum  
Biobauer / Schwäin 5 kg vum Biobauer)  
**10 €/kg<sup>ttc</sup>** (Poulet vum Biobauer)

- Georges Weis**  
Bio: Schwäin a Poulet
- Famill Goedert-Disiviscour**  
Bio: Angus + Fleckvéi / Schwäin
- Claude Loutsch**  
Marque Nationale: Schwäin
- Patrick François**  
Bio: Schwäin
- Famill Linden-Wirth**  
Bio: Blonde d'Aquitaine - Jongrand
- egal**

Période  8. Dezember 2018  
 16. Mäerz  
 8. Juni  
 21. September

Quantitéiten \_\_\_\_\_ Colis





**V D A**

VUN DER ATERT S.C.

Fëllt dës Reservatioun aus, schéckt oder mailt eis se eran.  
vunderatert@gmail.com / Vun der Atert 6, Jos Seylerstrooss L-8522 Biekerech

De Vertrag mat de Konditiounen & d'Allergenen op [www.vunderatert.lu](http://www.vunderatert.lu)





# GROUSST BEKI GEWËNNSPILL

Déi éischt glécklech Gewënner sti fest.

Dans le cadre des cinq ans du Beki: Grand jeu gagnant

Les **onze premiers gagnants** ont été tirés. Et vous pouvez être parmi les prochains, car le grand jeu gagnant continue toute l'année et il **reste 54 prix à gagner!** Ainsi en fin septembre les gagnants de 36 prix seront tirés et en décembre les bienheureux pourront se réjouir de 18 prix. De plus, en décembre tous les participants, donc aussi ceux qui ont déjà gagné, participeront à la grande finale. **Là il y a 2.500 Bekis à gagner!**

Vous trouvez les cartes pour participer dans toutes les entreprises acceptant le Beki et dans les agences de banque du canton de Redange.

Plus d'infos sur [www.beki.lu](http://www.beki.lu)

**Déi eelef Gewënner komme vu Groussbous, Uewerpallen (2 Gewënner), Stengefort, Schweech, Ieverläng, Kleng-Elchert, Bëschdref, Biekerech, Präizerdaul a Näerden.**

Si kënnen d'Präisser entgéin huelen vun Alufer, Autisme Luxembourg (Centre Roger Thelen), Boucherie Mathieu, Pättchen, Frittebud beim Cédric, Härespënnchen, Home-Textile Evers Sonja, Réidener Energieatelier, Restaurant Schweebecherbréck, Retouches Ginette a Vintage Home & More.

**Och Dir kënn derzou gehéieren: Èt gi nach 54 Präisser ze gewannen!**

**D'Kaarte fir matzemaache fannt Dir an all de Beki Betriber an op de Bankagencen am Réidener Kanton. Méi Infoe op [www.beki.lu](http://www.beki.lu)**

Dëst war awer réischt den Ufank! Well d'Gewënnspill geet iwwert dat ganz Joer. An d'Unzuel vun de Präisser ass proportional zu den Deeg tëschent den eenzelen Tiragen (respektiv zanter dem Start an dem éischten Tirage). An nach zweemol ginn d'Gewënner gezunn: Enn September ginn et 36 Präisser ze gewannen an am Dezember dann, sinn et der 18.

**An der Finall ginn et 2.500 Beki ze gewannen!**


Am Dezember gëtt awer zweemol gezunn, well dann ass och déi grouss Finall. All d'Participanten, also och déi déi schonns e Präis gewonnen hunn, kommen an dat grousst Dëppen, wou et ëm den Haaptpräis vun 2.500 Beki geet. Verpasst et net!



**De Kär a.s.b.l.**  
103, Huewelerstrooss  
L-8521 Beckerich  
T 23 62 21 847  
T 691 888 295  
info@beki.lu  
www.beki.lu



De S.I. Réidener Kanton  
ënnerstëtzt de Beki.





# FIDUCIAIRE INTERRÉGIONALE S.A.

## UNE FIABILITÉ À TOUTE ÉPREUVE

Dans un monde en constante évolution, la Fiduciaire interrégionale s.a. offre un service complet aux personnes morales et physiques, ceci dans le cadre de la profession de comptable.

Nous assurons la **comptabilité générale**, le **secrétariat social**, l'ensemble des **démarches administratives** et **sociales** ainsi que le **conseil fiscal**.

Avec une expérience de plus de vingt ans dans le traitement des PME de l'artisanat et du commerce, de la profession libérale, de l'agriculture et de la viticulture, du domaine culturel et écologique et bien d'autres domaines, nous gérons aujourd'hui une clientèle fidèle qui sait apprécier notre conseil et notre soutien au quotidien.

Les missions qui nous sont confiées sont variées et évoluent sans cesse. Toutes les demandes sont traitées avec professionnalisme et discrétion. En étroite collaboration avec des partenaires de

différentes professions libérales, la Fiduciaire Interrégionale s.a. est en mesure de répondre aux demandes les plus complexes et diversifiées.

### Toujours précurseur

Avec l'expansion des nouvelles technologies, nous nous adaptons constamment afin d'assurer un service „state of the art”. La vitesse d'évolution des lois et des technologies est très élevée, tout devient très rapide et nous mettons un point d'honneur à évoluer dans ce sens.

La polyvalence coule de source dans notre métier en évolution constante. En tant que professionnels de la comptabilité, la diversité et la complexité de nos tâches renforcent en permanence notre expérience professionnelle et nous permettent de compléter notre offre.



Dans le cadre du développement de notre clientèle, nous recherchons pour entrée immédiate ou à convenir:

**1 gestionnaire de salaires polyvalent & expérimenté (m/f)**

et

**1 comptable-fiscaliste qualifié & diplômé (m/f)**

- Vous êtes détenteur d'un baccalauréat avec spécialisation dans le domaine recherché.
- Vous avez une expérience dans le domaine des Fiduciaires luxembourgeoises de 5 ans au moins.
- Vous avez une connaissance approfondie du droit en la matière.
- Vous avez une excellente analyse des problématiques qui entourent votre domaine de travail.
- Vous parlez et écrivez aisément le Français, l'Allemand et le Luxembourgeois.

#### Notre offre

- Rémunération attrayante et adaptée à votre qualification, votre motivation et votre compétence.
- Des heures de travail flexibles et un cadre de travail agréable.
- Une bonne ambiance et un esprit d'équipe.
- Un parking personnel.

#### Intéressé(e)?

Alors, n'hésitez plus et rejoignez une équipe dynamique et compétente dans un cadre agréable et humain.

Veuillez adresser votre lettre de candidature accompagnée d'un CV et d'une photo récente à notre siège social établi au 14, Hauptstrooss à L-8720 Rippweiler ou par e-mail à notre adresse: [fiin@pt.lu](mailto:fiin@pt.lu)

Votre candidature sera traitée avec la plus grande discrétion et confidentialité.

### Notre vocation – la passion du métier

Etant une équipe d'une douzaine de collaborateurs motivés et expérimentés, nous accompagnons nos clients au mieux pour répondre aux besoins les plus divers et pour leur faciliter le quotidien.

Pour garantir un service de qualité, la formation continue est pour nous très importante et nous permet d'évoluer dans le monde de la comptabilité, de la fiscalité et de garantir un service efficace, complet et de bonne qualité.

### À la recherche de collaborateurs avec la même idéologie

Afin de répondre au mieux à la croissance de notre clientèle et pour faire face aux défis à venir, notre service comptabilité et notre service salaires recherchent des collaborateurs motivés, expérimentés, dynamiques et flexibles.

Nous invitons les personnes qui ont envie de partager nos expériences de rejoindre notre équipe pour la compléter et la rendre encore plus forte dans le futur.

„Lorsqu'une chose évolue, tout ce qui est autour évolue de même”

Paulo Coelho



**Fiduciaire  
interrégionale s.a.**  
fiduciaire comptable

**Fiduciaire Interrégionale s.a.** 14, Hauptstrooss L-8720 Rippweiler  
T + 352 23 62 33-1 F + 352 23 62 33-29 [fiin@pt.lu](mailto:fiin@pt.lu) [www.fiduciaire-interregionale.lu](http://www.fiduciaire-interregionale.lu)  
Heures d'ouverture: lundi-vendredi de 8h00 à 12h30 et de 13h30 à 17h00

# KOLLA FESTIVAL 2018

## #HIPPIETRALALA

De Kolla ass en alternativen, kulturellen Festival, deem dest Joer vum 17. bis den 19. August 2018 am Centre d'accueil nature et forêts „Mirador“ zu Stengefort ass. Während dräi Deeg wärten d'Leit e vielfältegen Programm entdecken kennen: niewt der Musik, wärt et och e Kino ginn, eng Konschtausstellung, awer och Performances, Diskussiounsrinnen, e Maart mat verschidden Projet'en an Associatiounen ronderem d'Thema Solidaritéit an Nohaltegkeet an e Kleedertroc. D'Ziel vum Kolla ass et, den Visiteuren eng kleng alternative Welt ze weisen, wou sie sech Gedanken iwer hier Umwelt an Matmenschen kennen maachen.

17.-19. August  
Mirador, Steinfort

### 6. Édition vum Kolla Festival

Musik, Konscht,  
Kino, Performancen,  
Workshops, Troc, Maart

Entrée  
10 € Virverkaaf  
15 € Oweskeess

Gratis Camping

Kanner ënner 13 an Leit  
iwwer 65 Joer kommen  
gratis ran.

Hënn müssen un der  
Léngt bleiwen.

D'Wuert „Kolla“ inspiréiert sech vun der Bewegung vum kollaborativen Konsum, (Englesch: „collaborative consumption“) en nohaltegen, alternativen Liewensstil deen an deenen leschten Joren emmer méi erfolleg ginn ass. Et geet dremms am Platz oniwerluecht ze liewen, sech méi Gedanken em säin aldeeglechen Gebrauch vun Produkter ze maachen, fir d'Umwelt ze schounen, awer och fir eist Zesummenliewen méi agreabel ze maachen. Dofir probéiert de Kolla d'Deelen, d'Tauschen, d'Léinen an d'Recycléieren ze förderen, awer och d'Handwierk, den „do-it-yourself“, den Upcycling an allgemeng d'Konsuméieren vun lokalen Produkter ze ennerstetzen.

D'Iddee koum 2013 wou eng Grupp vun Kolleegen d'Iddee haat, e Festival ronderem e nohaltegt Konzept zorganizéieren, waat an der letzebuerger Festivalandschaft gefeelt huet. Sie haaten es saat emmer rem Festivaler ze besichen, wou et just em d'Suen an den Spass gangen ass an wou d'Umwelt an d'Leit selwer eigentlech manner wichteg waren. E Festival kann eng Geleegeheet sinn, fir Spaass ze hunn an gläichzaiteg eppes ze léieren. An mat besse Méih kann een och kucken den ökologeschen Impakt esou kleng wéi méiglech ze haalen. Dem Kolla war et wichteg déi heemlech, familiär Ambiance vun deenen klengen Festivaler wéi den Little Woodstock, den Pangea oder den Rock den Stéier erem ze fannen, awer dem Ganzen och e Konzept ze gin, den sozial an emwelfrendlech wier. Esou ass den Kolla Festival gebuer, e Festival deen Wärter verteidegt, mat deenen mir eigentlech alleguerten opgewuess sinn, déi awer heinsdo vergiess ginn sinn: d'Deelen, d'Tauschen

an d'Zesummeschaffen fir e bessert Zesummenliewen tescht dem Mensch an senger Umwelt. Hautesdaags hunn d'Leit d'Tendenz nemmen no sech ze kucken, Ressourcen ze verschwenden an net driwer nozedenken, waat daat fir en Impact op d'Umwelt an d'Gesellschaft huet. Den Kolla well anhand vun konkreten Beispiller weisen, wéi et aneschtters kéint goen.

Eis emweltauwerscht Oder weist sech andems mir eis permanent Gedanken doriwer maachen, emwelfrendlech Alternativen ze fannen. Mir maachen e strengen Recyclagen vum Dreck, nom Festival gett all Poubelle opgemaach an sortéiert, bis datt alles konform getrennt ass. E groussen Deel vun eiser Deko gett aus aalen Miwwlen, Sperrmüll, Stoffreschter, an waat mir soss duerch d'Géigend sammelen kennen. Mir probéieren esou wéineg ewéi méiglech nei ze kaafen, mee maachen et selwer oder léinen eis et aus. Plastik gett zum groussen Deel vermeid, dofir hunn mir eis eegen Pfandbecheren maachen geloss an eis Jeton'en sin 100% biodegradabel, well se aus Gromperenschuelen gemaach sinn. Außerdem benotzen mir ausschliesselech emwelfrendlech seefen an recycléierten Toilettenpabeier. Dest Joer hunn mir den Projet genuch Subsidien zesummen ze kréien, fir och nach gréngen Strouhm ze kréien. Well eis Visiteuren eist Konzept bis lo emmer ennerstetzt hunn, war eisen Camping nom Festival emmer komplett vun hinnen gebotzt ginn an weist datt sie eis Wärter verstanen hunn.

Marie Trussart vum Kollateam





# PORTRAIT NADJA FABECK AUS DEM PALL CENTER „ET KASCHT ENORM ZÄIT FIR D'STUDENTEN HEI ANZEWEIEN AWER T'ASS OP KEE FALL VERLUEREN ZÄIT!“

D'Nadja ass Responsabel vum Rayon Wäin. An dat schonn zimlech laang, a virun allem immens gären! Wéi hat sech 1996 am Pall virgestallt hat, huet et an der Keess ugefaangen. T'wor ewer séier kloer, datt dat näischt fir déi wibbeleg Madamm wor: „T'mengt een et nit, awer den Job an der Keess ass keen einfachen! An dann de ganzen Dag sëtzen ...! Fir mech nit auszehalen.“ An du kouv eent bei d'aanert. D'Foire aux Vins stoung virun der Dir an et gouf dringend ee gesicht fir d'Berodung an d'Vente. D'Nadja huet seng Geleeënheet beim Schlawitche geholl a sech proposéiert! Ëmmerhin hat hat en Ofschloss an der Hotellerie & Oenologie. D'Madamm Wickler, d'Patronne aus dem Pall, huet dunn dem Nadja d'Chance ginn an nit bereit. D'Nadja ass an dem Beruff opgaangen an ass elo zanter 1998 do aktiv. Den deemolege Gerant huet him alles bäibruecht, wéi een d'Gestioun ugeet, wéi ee verhandelt esou dat keen ze kuerz kënn, weder de Pall, nach de Produzent, wéi een d'Relatiounen iwwe laang Jore fleeget, a virun allem wéi een sech uleet fir och um Niveau vum Wäin natierlech anescht ze sinn: „Mir hu mëttlerweil iwwe 1.000 Referenzen am Wäin, 85 am Bio, an ech kennen all eenzele Betrib. Dat sinn och vill ganz kleng Betriber mat 4 bis 5 Hektar. Dat ass fir mech eng absolut Virausssetzung fir genee ze wëssen, wou eis Produiten hierkommen, a mat wem ech et ze dinn hunn! Dofir ass et mir och méiglech, fir eis Clienten optimal ze beroden, well ech genee weess vu wat dat ech schwätzen, an d'Clienté sécher nit enttäuschen, au Contraire.“

Mat enger Begeeschterung zielt et vu sengem neie Coup de Coeur: „Enn Oktober presentéiere mir eis nei Gamme u Produiten aus Korsika! Dat gétt eppes ganz ganz Feines! Déi Zesummenaarbecht op d'Been ze stellen huet gedauert mee et lount sech ëmsou méi!“

D'Nadja ass passionéiert bei senger Aarbecht a seng positiv Energie stécht un. Dat ass och eppes, wat et de Studenten am Pall vermëttelt: „Et kascht enorm Zäit fir d'Studenten hei anzeweien awer t'ass op kee Fall verlueren Zäit! Ier se kënnen lassleëen, maache mir den Tour an a ronderëm de Pall Center, fir dat se och eist Engagement & Konzept verstinn! Firwat hu mir eng Aquaponie, Ruchen, firwat produzéiere mir eegen Energie? Wat huet dat mat engem Supermarché ze dinn? Firwat si mir natierlech anescht a schaffen haart dofir? A wann een dat bis verstanen huet, da steet een och Moies mat Freed op fir schaffen ze goen, an et leescht ee mat Begeeschterung säi Bäitrag dat et och esou virugeet.“







# PORTRAIT SARITA BROWN „MÄI YOGA KALLOLA“

Kallola bedeit Happiness a kënnt aus dem indesche Sanskrit. De Numm gouf gewielt, well et genee heirëm geet: ëm d'Freed an de Spaass fir des professionell Form vu Yoga ze léieren. D'zertiféiert Method baséiert um renomméierte Rainbow Yoga, for children with special needs, wou haaptsächlech de Kanner & de Jugendlecher tëscht 2 an 18 Joer gehollef gëtt, fir sech mat sech selwer ze connectéieren, mat der Famill a mat der Schoul. Et ass eng Form vu Yoga, déi sech virun allem och eegent fir jonk Mënschen, déi mat kierperlechen oder geeschtegen Aschränkungen ze kämpfen hunn, wéi zum Beispill mat Konzentratiounsschwächen, mobillen Aschränkungen, Autismus, ...

## De Bénéfice vum Yoga Kallola

Duerch Otemtechniken, spezifische Bewegungen & Meditatioun, a Form vun adaptéierte Spiller jee no Alter & Mobilitéit, kënnt jiddwereen zum Zil, ganz egal wéi de kierperlechen oder de geeschtegen Zoustand vum Client ass: Gelooseneheet, ënnerlech Rou, Kraaft, Selbstvertrauen, Bewegelechekeet, Zefriddenheet a Stärkung vum Immunsystem.

## Elo schonn seng Plaze reservéieren!

Vu September un ginn d'Coursen hei am Kanton fir d'éischte Kéier ugebueden, an et heescht sech a seng Famill elo schonn aschreiw fir en adaptéierten Organigramm opzestellen! Treffpunkt ass am Centre Culturel zu Schandel an en eegent sech fir ALL Kanner, Jugendlecher & Elteren. Jiddereen ass Wëllkomm. Mënsche mat spezifische Besoine kënnen och gare kommen. D'Eltere vu Kanner am Rollstull solle wëssen, dat d'Trapen do sinn an och, dat d'Méiglechekeet besteet 1zu1 Couren ze kréien, an hirem gewinnten Ëmfeld, sief et doheem oder am Foyer.

## Wien ass Yoga Kallola?

Mäi Numm ass Sarita Brown an ech si vun Useldeng. Meng Praxis an Erfahrungen hunn ech mir e.a an England ugëeegent a spezifesch an zertiféierte Coursen. Ech leeë vill Wäert drop, dat all Cours ëmmer nees spontan op de Besoin vun de Clienten ugepasst gëtt well d'Freed, de Rhythmus, d'Rouh esou wéi och d'Bewegung ëmmer nees am Mëttelpunkt vum Yoga Kallola stinn. Egal op an enger 1 zu 1 Betreuung oder an engem Grupp.

## Eng Mamm op der Sich no Hëllef!

Dat Jéngst vu mengen 2 Kanner, meng Duechter, ass vill ze vill fréi op d'Welt komm. Déi Zäit no der Gebuert war eng immens Erausforderung, dat nit nëmme fir mech als deemools elengerzéiend Mamm, mee och fir mäi Bouf. Well während bal 3 Joer huet meng Duechter keng eng Nuecht geschlof. Iwwerall hunn ech no Rot gesicht, bei Pediatere, bei Kannerpsychologen, bei Heelpraktiker, ... Et ass einfach nit besser ginn an d'Verzweiwung ëmmer méi gewuess. Aus der Nout eraus hunn ech och am Internet gesicht, a sinn op e Video gestouss vu Rainbow Yoga, dee meng ganz Opmierksamkeet krut. Ech hu mech informéiert an hunn och direkt doheem ugefaange verschidden Übunge mat menger Duerchter duerchzeféieren. Relativ séier hunn ech éischt Erfolgerliefnisser gehat, a sou goung dunn och ee Knuet nom aneren op. Et huet nit nëmme him eppes bruecht, mee och mir a mengem Bouf, well et och einfach Spaass gemaacht huet fir matzemaachen. Begeeschtert vun der Effizienz vun dësem Yoga, hunn ech decidéiert selwer zertiféierten Trainer vum Rainbow Yoga ze ginn, fir esou de Kanner, den Teenager an hiren Elteren hei am Land ze hëlfe. Mäin Job hunn ech un de Nol gehaangen, an elo ass et dann och endlech souwäit! Am September leeën ech lass an ech kann et nit erwaarden Iech all kennenzeléieren. Mellt Iech elo schonn un, da kann ech och besser plangen a mech fir d'Couren andeelen.

YOGA KALLOLA

# Nei bauen! ... passiv, ökologesch a gesond!

- › **Bauen ech massiv oder am Holz?**
- › **Wat fir eng Heizungstechnik passt am beschten?**
- › **Mat Solar a Reewaassertank?**

Beim Neibau muss een haut héich energetesch Kritären erfüllen. Mee nieft der Energieeffizienz vu méngem Haus sti nach aner wichteg Froen op, wéi z.B.:

- › Bauen ech massiv oder am Holz?
- › Wat fir eng Heizungstechnik passt am beschten?
- › Mat Solar a Reewaassertank?

De Pappa Staat subventionéiert de Bau vun engem neien Haus mat bis zu **24.000 € Primm**, awer ënnert der Konditioun dass et sech em een nohaltegt Gebai handelt.

**A wat ee nohaltegt Haus ass, gi Dir bei eis gewuer.**

Dir wëllt nei bauen, informéiert lech fir d'éischt **GRATIS** zu Réiden am **Energieatelier - Infoline 26 62 08 01**.



**INFOLINE**  
**26 62 08 01**

[info@energieatelier.lu](mailto:info@energieatelier.lu)

# Construire nouveau! ... passif, écologique & sain!

- › **Est-ce que je veux construire en massif ou en bois?**
- › **Quel système de chauffage convient le mieux?**
- › **Energie solaire et eau de pluie?**

Aujourd'hui, la nouvelle construction doit répondre à des critères énergétiques exigeants. Mais il reste aussi d'autres questions à résoudre, notamment:

- › Est-ce que je veux construire en massif ou en bois?
- › Quel système de chauffage convient le mieux?
- › Energie solaire et eau de pluie?

L'Etat subventionne la nouvelle construction avec **une prime** allant jusqu'à **24.000 €** sous condition qu'il s'agisse d'une construction durable.

**Nous vous expliquons ce qu'est une construction durable.**

Vous voulez construire? Informez-vous d'abord **GRATUITEMENT** à l'Energieatelier à Redange - Infoline 26 62 08 01.



**INFOLINE**  
**26 62 08 01**

[info@energieatelier.lu](mailto:info@energieatelier.lu)



Find us on f

**ENERGIEATELIER**  
VOTRE POINT INFO POUR TOUTES  
VOS QUESTIONS SUR L'ÉNERGIE

43, Grand-Rue - L-8510 Redange/Attert

[www.energieatelier.lu](http://www.energieatelier.lu)

# AGENDA

## AUGUST

5.8 / 11h-18

Musée de l'Ardoise

**Dimanche Ouvert**

www.ardoise.lu

17, 18 & 19.8

**Kolla Festival**

16, rue Collart Steinfort  
www.kollafestival.lu  
Org.: Kolla asbl

24.8 / 19h-03h

Ueschdréf - 50 Joer JUB

**Musik a Magie**

Programm:

19h00 Entrée

20h00 Siegfried and Joy (Deel 1)

20h45 Eessen (Chili con Carne)

22h00 Siegfried and Joy (Deel 2)

23h00 JUKEBOX (Live Musik)

01h00 2 HOT 2 HANDLE (DJ)

Formule 1 (mat Reservatioun):

20 € Entrée ganzen Owend + Chili

Formule 2 (mat Reservatioun):

12 € Entrée ganzen Owend

Formule 3 (ouni Reservatioun):

6 € Entrée ab 23h00

Reservatioun: friedlbo@hotm.com

Org.: Jeunesse Ueschdréf & Bilschréf

5., 6., 7., 8. & 9.8

Manukultura Useldeng

Kreativ-Atelier

**Le T-shirt dans tous ses états. Upcycling ...**

... Agir pour protéger la planète, te faire plaisir, offrir des cadeaux originaux, donner une seconde vie à tes vêtements ...

viensnousrejoindreàcetteséried'ateliers de re-création pour déstructurer ton T-shirt et en faire: porte-clefs, sac, collier et bandana. Stage, par Shirley Dewilde

**À PARTIR DE 9 ANS**

10h00 - 12h30

Participatioun: 75 € / Stage

**À PARTIR DE 12 ANS**

13h30 - 16h30

Participatioun: 85 € / Stage

5.8 / 11h-12h30

Musée de l'Ardoise

Haut-Martelange

**Promenade thématique: Flore estival à l'ardoiserie**

RDV: Musée de l'Ardoise Maison 3  
www.ardoise.lu

11.8 / (a) 14h30-15h30

(b) 15h45-17h15

Manukultura Useldeng

Sall Cabaret

**Wir entdecken die Welt mit Tanz - 3. Stopp: Lateinamerika (Teil 2)**

Vun 4-6 Joer (a) & 6-10 Joer (b)

Mam Julia Haslbauer

Sprache: deutsch

Participatioun: 5 € / Kand

www.useldeng.lu

22.8 & 24.08 / 19h-21h

Buerghaff Useldeng

**Impro-Owend op der Bueg**

Mam Martine Conzemius

Mat Requisitten, Wierder, Kostüm a mat allerhand verschidden Themen entsteeft déi Owender spontan Theater.

Sprooch: Lux, D, En

Participatioun: 5 € / Kand oder Student

8 € / Erwuessen

www.useldeng.lu

## SEPTEMBER

2.9 / 11h-23h55

Randschelt

**Museesfest am klegsten Duerf zu Lëtzebuerg „Kiermes ewéi fréier“**

Org.: Frënn vum Musée Thillenvogtei

2.9 / 11h-18

Musée de l'Ardoise

**Dimanche Ouvert**

www.ardoise.lu

3 & 4 & 5.9 / 9h-16h

Moulin de Beckerich

Salle Millenatelier

**Atelier de vannerie „Panier rectangulaire avec couvercles“ avec Françoise Marion**

Le stage s'adresse autant aux débutants qu'aux personnes ayant déjà des bases de vannerie.

Prix: 190 €/personne pour les 3 jours

(tout le matériel est fourni sur place)

Inscription obligatoire pour le 1<sup>er</sup> septembre

2018 auprès de Françoise Marion:

T +32 478 500 204 ou sur

francoise@vandouest.com

ou auprès d'I. Bernard/d'Millen a.s.b.l.

T +352 691 510 372 - info@dmillen.lu

www.dmillen.lu

Org.: d'Millen a.s.b.l.

8.9 / 9h-12h & 13h-17h

Moulin de Beckerich

Salle Millen 2

**Stage de photo: „La macrophotographie et la proxyphotographie“ avec le photographe professionnel Dominique Gaul**

Prix: 90 €/personne - Infos et inscription:

I. Bernard - T +352 691 510 372

info@dmillen.lu - www.dmillen.lu

Org.: d'Millen a.s.b.l.

8.9 / 9h-12h & 13h-17h

Moulin de Beckerich

Salle Millen 2

**Stage de photo: „Je photographie Beckerich ou comment photographier son environnement quotidien“ avec le photographe professionnel Dominique Gaul**

Prix: 90 €/personne - Infos et inscription:

I. Bernard - T +352 691 510 372

info@dmillen.lu - www.dmillen.lu

Org.: d'Millen a.s.b.l.

16.9 / 10h-18h

Musée de l'Ardoise

Haut-Martelange

**Oldtimerday au Musée de l'Ardoise**

RDV: Maison 3 à Haut-Martelange

www.ardoise.lu

À pd 18.9 / 17h-19h

Moulin de Beckerich

Salle Millen 2

**Cours de couture pour avancés avec Chantal Koster**

Prix: 180 €/personne pour le trimestre

- toutes les semaines sauf pendant les vacances scolaires.

Maximum 8 inscrits

Infos et inscription: I. Bernard

T +352 691 510 372 - info@dmillen.lu

www.dmillen.lu

Org.: d'Millen a.s.b.l.

20 & 27.9 / 9h30-12h30

Moulin de Beckerich

Salle Millen 2

**Cours de couture pour débutants avec Anick Brochu: „La couture dans votre cuisine“**

Prix: 125 €/personne pour les 8 cours

Maximum 6 participants

Infos et inscription: I. Bernard

T +352 691 510 372 - info@dmillen.lu

www.dmillen.lu

Org.: d'Millen a.s.b.l.

21.9 / 20h

Moulin de Beckerich

Scheier

**Conférence et animation sur l'histoire du rock avec Eric Laforge**

Animateur radio sur Classic 21.

Conférence en français

Prix: 4 €/personne

Infos et inscription souhaitée:

I. Bernard - T +352 691 510 372

info@dmillen.lu - www.dmillen.lu

Org.: d'Millen a.s.b.l.

21 & 28.9 / 9h-11h

Moulin de Beckerich

Salle Millen 2

**Cours de photo pour débutants: Les bases de la photographie avec le photographe professionnel Dominique Gaul**

Prix: 260 € pour les 10 cours

Infos et inscription: I. Bernard

T +352 691 510 372 - info@dmillen.lu

www.dmillen.lu

Org.: d'Millen a.s.b.l.

22.9 / 9h30-13h

Moulin de Beckerich

Millenatelier

**Atelier de relooking de meubles et objets avec Betty Bourgeois**

Apprentissage de nombreuses

techniques différentes

Prix: 60 € par atelier

Infos et inscription: I. Bernard

T +352 691 510 372 - info@dmillen.lu

www.dmillen.lu

Org.: d'Millen a.s.b.l.

24.9 / 9h-12h ou 14h-17h

Moulin de Beckerich

Salle Millen 2

**Cours de calligraphie latine et contemporaine pour débutants et avancés avec Stéphane Alfonsi**

Prix: 160 € pour la session de 6 cours

Infos et inscription: I. Bernard

T +352 691 510 372 - info@dmillen.lu

www.dmillen.lu

Org.: d'Millen a.s.b.l.

# NERDEN CONSTRUCTIONS



[www.nerdenc.lu](http://www.nerdenc.lu)  
Tél.: 26 62 12-58

Constructions • Chapes • Carrelages  
Facades • Plafonnages



**AUSTROFLAMM  
POÊLE À PELLETS**

MODÈLE CLOU,  
CLASSE ÉNERGÉTIQUE A+,  
PUISSANCE 6 OU 8 KW

Cheminées • Poêles à bols et à pellets • Ramonage • Tubage

**Walux**  
Bioenergy

1 Arelerstrooss - L-8523 Beckerich  
Tél: +352 26 62 14 08 - walux@pt.lu

[www.walux.lu](http://www.walux.lu)



agri-distribution  
**WOLFF-WEYLAND**

**Nouveau!**

**CARON**  
forward-thinking attitude

## Les transporteurs CARON

Véhicules innovants et polyvalents

- Charge utile jusqu'à 7500 kg
- Moteurs common rail de 25 à 110 CV
- 4x4, boîtes de vitesses 40 ou 50 km/h
- Articulation centrale pour une adhérence constante
- Cabine 2 places, confortable, suspendue, climatisée et basculante; Tri-benne avec ridelles
- Options: Pneus gazon, prise de force centrale ou arrière, plaque de fixation frontale, etc.



**Nombreuses applications**



Serie C  
(Châssis fixe)



Serie CTK  
(Châssis fixe)



Serie CT  
(Châssis fixe)



Serie CTA  
(Suspension AV.)



Serie CTS  
(Suspension AV.-AR.)



Agri-Distribution  
14, Nidderpallenerstrooss  
L-8551 Noerdange



**Samstags immer bis  
17:00 Uhr geöffnet!**

+352 236 37 200 [www.wowey.eu](http://www.wowey.eu) [info@wowey.eu](mailto:info@wowey.eu) /Agri-Distribution





**Bauen mat Holz**

# INTER TOITURE

LA TRADITION DU SUR-MESURE  
RÉIDEN/ATERT . WWW.INTERTOITURE.LU




**RIDO**  
 SA.RL  
**christiane**

Ridoen  
Storen  
Raffrollos  
Lambrequin  
etc...

Telefonesche  
Rendez-Vous  
Och Owes a  
Samsches Moies.  
30 Joër Erfahrung

Gratis Devis  
**Schneider Christiane**  
6, Batzent - L-8551 Næerden  
☎: 23 620 847 - 英: 26 620 502  
info@rido-christiane.lu  
www.rido-christiane.lu

**Berodung doheem - Konfektioon op d'Mooss**



**Nerden & Fils** sàrl  
Entreprise de construction

Beckerich Tél. 23 62 14 93 [www.gesondbauen.lu](http://www.gesondbauen.lu)

Habitations | Bâtiments commerciaux | Façades  
Transformations | Aménagements extérieurs  
Enduits traditionnels & argiles | Isolations écologiques  
Chapes & Carrelages | Promotions immobilières



FOYER PRESENTS



OPERATED BY COOPERATIONS

**22.09.18 | WILTZ**

À PARTIR DE 16HRS | 5€ (ENFANTS JUSQU'À 12 GRATUIT)

**WWW.NDL.LU**

PRESENTED BY:



ORGANISATION:



AVEC LE SOUTIEN FINANCIER  
DE CULTURE WILTZ ASBL:



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Culture